N°178
Entrée le 16.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Schwammen ass eng fest verankert Sport- a Fräizäitaktivitéit zu Lëtzebuerg. Et ass awer gläichzäiteg och eng Aktivitéit déi muss erléiert ginn, well et zu schlëmmen Accidenter am Waasser ka komme wéi déi rezent Vergaangenheet et leider och oft genuch gewisen huet. Dofir ginn et queesch duerch d'Land immens vill populär Schwammcouren, Schoulen oder och privat Initiative fir Persoune vun all Generatioun d'Schwamme bäizebréngen. Op Grond vun de Geforen am Waasser kënnt de Formateuren hei eng immens Responsabilitéit zou.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Brevete sinn néideg fir vun der FLNS als offiziellen Instrukter unerkannt ze ginn?
2. Kann een zu Lëtzebuerg och ouni dës Breveten um kommerzielle Wee Schwammcouren ubidden?
3. Falls jo, gëtt et e Suivi an eng Kontroll vun der FLNS oder dem Ministère op dës Krittären a Viraussetzungen esou och an ëffentlechen Infrastrukturen agehale ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°178
Entrée le 29.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°178 vum 16. Januar 2024 vun den honorabelen Deputéierten Sven Clement a Ben Polidori.**

1. **Wéi eng Brevete sinn néideg fir vun der FLNS als offiziellen Instrukter unerkannt ze ginn?**

Wat den organiséierte Sport ugeet, ass et esou, dass all Trainer, respektiv Surveillant, dee Sportler*Innen encadréiert, iwwer d'FLNS ee Rettungsschwëmmer Brevet brauch.

2. **Kann een zu Lëtzebuerg och ouni dës Breveten um kommerzielle Wee Schwammcouren ubidden?**

Am Kader vum Kommodo, bei genehmungspflichtege Schwämme, dorënner falen ëffentlech Schwämmen, Schwämmen an Hoteller oder „établissements similaires" verlaangt den Aarbechtsministère fir d'Autorisatioun auszestellen, dass d'Surveillance vun der Schwemm muss duerch eng Persoun " *ayant au moins le « Brevet Elémentaire de Sauvetage de la Fédération Luxembourgeoise de Natation et de Sauvetage (FLNS) » (ancien 1e degré)* ", respektiv, "*le brevet de nageur-sauveteur FLNS (ancien 2e degré)*" oder "*CATP ou d'un Brevet de Maîtrise dans le métier d'instructeur de natation ou être titulaire d'un brevet reconnu comme équivalent par le Ministère de l'Education Nationale et de la Formation Professionnelle*" gehale ginn.

Deemno kann een a genehmungspflichtege Schwämme keng Schwammcoursen ouni Brevet ubidden.

3. **Falls jo, gëtt et e Suivi an eng Kontroll vun der FLNS oder dem Ministère op dës Krittären a Viraussetzungen esou och an ëffentlechen Infrastrukturen agehale ginn?**

Nee.

**Lëtzebuerg, den 29 Februar 2024**
Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo